# Nationalfeierdag 2024

*De Nationalfeierdag gëtt eis all Joer d'Geleeënheet, eis Verbonnenheet mat eisem Grand-Duc an eisem Land auszedrécken. Gläichzäiteg kommen d'Bierger de politesch Responsabele méi no, an déi nei Bierger ginn an der Gemeng opgeholl.*

De Schäffen- a Gemengerot invitéiert Iech un de Festivitéiten, déi dëst Joer **Samsdes, den 22. Juni 2024 zu Berbuerg** organiséiert ginn, deelzehuelen.

Oflaf:

**19h30 «Te Deum» an der Kierch zu Berbuerg**
**Dono:**

- **Cortège vun der Kierch bis an de Centre Beaurepaire**
- **Ried vum Buergermeeschter**
- **Éierewäin**
- **Gemittlechen Owend mat Musék vum DJ Nekkel**

Wärend dem Owend suergen d'Veräiner vu Berbuerg fir Gegrills a Gedrénks!



GEMENG manternach